



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Sportminister op d'parlamentaresch Fro n°6954 vum 4. Oktober 2022 vun den éirewäerten Députéierten Här Fred Keup an Här Jeff Engelen iwwert "Sites d'escalades"

1. Wären nach ausser der Wanterbaach en der Gemeng Bäerdref nach aner Sitten am Land méiglech, fir de Klammsport auszeüben?

De Klammsport a fräier Natur ass reglementéiert duerch dat groussherzoglecht Reglement vum 5. Abrëll 2016. Wann ee weidere Site vum Secteur oder dem Sportsministère viséiert sollt ginn, muss an enger Evaluatioun gepréift ginn op déi Aktivitéit op deem Site een direkten oder indirekten Impakt op d'Natur huet. De Minister fir Ëmwelt kann da jugéieren ob ee weidere Site kéint autoriséiert ginn. Aktuell läit kee Projet fir ee weidere Site vir.

Selbstverständlech muss och ee neie Site adequat a sécher Trainings- a Kompetitiounskonditiounen ubidden an dëst no de Krittäre vun der nationaler Klamm Federatioun FLERA an den internationale Verbänn (UIAA a IFSC).

2. Ginn et Bestriewungen op Säite vun der Regierung, fir de Klettersportler hei am Land entgéintzekommen am Hibléck op nei Klammsitten? Wa jo, wat fir Measure ginn zu deem Zweck ënnerholl oder si schonns ënnerholl ginn?

De Sportsministère huet ee regelméissegem Austausch mat de Sportsfederatiounen an esou och mat der FLERA. Fir d'Attraktivitéit vum Klammsport goufen an de leschte Joren och Indoor Kloterwänn gebaut, wou de Staat sech finanziell bedeelegt huet. Um rezenten "beactive day" um Belval gouf eng mobil Kloterwand installéiert fir de Visiteuren d'Méiglechkeet ze ginn de Klammsport ze entdecken. Et ass och esou dass d'FLERA lescht Joer 1219 Kompetitiouns- a Loisirlizenzen hat, dat ass eng Zounam vun 304 Lizenzen am Verglach mam Joer 2016.

3. Wéi ka verhënnert ginn, datt déi sportlech Aktivitéiten hei am Land ëmmer méi zeréckgedrängt bzw. aus der fräier Natur verbannt ginn, well d'Land ëmmer méi verbaut gëtt a well ëmmer méi Plazen hei am Land zu Naturschutzgebidder erkläert ginn?

Déi gängeg sportlech Aktivitéiten an der Natur sinn zum gréissten Deel an den Naturschutzgebidder erlaabt: esou däerf een an deenen all op de Weeër spadséiere goen, walken, lafen a mam Vëlo fueren.

D'Naturschutzgebidder decke ronn 4,1% vun der Landesfläch of. Et sinn awer grad des naturno a geschützte Gebidder, déi vun de Leit genotzt ginn, fir d'Natur ze genéissen. Et ka kengesfalls vun engem Zeréckdränge vu sportlechen Aktivitéiten aus der Natur geschwat ginn, wann een Naturschutzgebitt etabléiert gëtt, wéi den honorablen Deputéierten dat insinuéiert. Bien au contraire, d'Pandemie huet gewisen, dass d'Bierger frou si sech an de Naturschutzgebidder opzehalen an ze erhuelen an dës Zonen geziilt opsichen.

Lëtzebuerg, den 8. November 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung